N°7257
Entrée le 29.11.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 29.11.2022

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 29/11/2022

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Famill an Integratioun & Sport weiderzeleeden.**

Gutt schwammen ze kënnen ass wichteg, well et ka Liewe retten. Zum Schwamme léiere gehéiert och, dass eng Persoun a méi déiwem Waasser schwamme kann. Eis ass zougedroe ginn, dass et an de Schwämmen, a virun allem an der Coque, géif d'Reegel ginn, dass een eng ganz Längt vum Basseng an engem Schwammstil perfekt muss kënne schwammen, fir dass eng Persoun an déi grouss a méi déif Bassengen dierf schwamme goen. Wien dës Viraussetzung net erfëllt, dierf just an déi manner déif Becke schwamme goen. Dës Reegel géif awer virun allem Leit mat ageschränkter Mobilitéit dovun ausschléissen, gutt schwammen ze léieren an och an deene grouss Becken schwammen ze dierfen.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Gëtt et dës Reegel tatsächlech? Wa jo, wou ass dës Reegel néiergeschriwwen?

2. Falls d'Äntwert op d'Fro 1 jo ass, gëllt dës Reegel och fir Leit mat engem Handicap?

3. Falls d'Äntwert op d'Fro 1 jo ass, wéi gëtt sécher gestallt, dass och Leit mat engem Handicap gutt schwamme léieren, wann se net a Becken dierfe schwammen, wou se net mat de Féiss bis op de Buedem kommen?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten